

Dräi Joer Ëmsiidlung

Meng onbeschweiert Jugend krut en jäht Enn wei ech op Kirmsamschdeg, den 18. September 1942, als éscht vun Diekerich, mat mengen Elteren ant Kluster no Leubus ömgesiedelt gof.

Meng Tata, dé ömmer bei ons am Stod war, huet mussen hei bleiwen, si stong nôt op der Löscht. Well ech krank wor, sollt ech dén Dag nôt an d'Schol goen. Ech hun Gebès an Schongstréckelen agepakt. Wat huet et mir Léd gedoen eis Katz an den Hond heizelossen.

De Preiss dén sech an eiser Stuff brét gemacht huet, sot mir ech soll meng Schoulbicher mathuelen. Eisen Noper, én Bäcker, huet eis en Kirmeskuch gin.

Zu Hollerech op der Gare gowen mir wé Schwéerverbrécher photographiert a kruten eng Ierbessenzopp.

Zu Leubus hu mer den eschten Owend, trotzdem mer sou traurig woren, missen schrecklich lachen, wé



en jongen Zömmerkomerod, d'Brieder vum dreistäckigen Bett so lass gemacht hat, dat hin vun uwen bis önnen erofgefall ass. Zu Leubus hu mer vir d'escht am Liewen é Schöff op der Oder gesin. D'Gégend war trostlos an d'Klima ongesond.

Do si mer gewuer gin wat et héscht hongreg ze sin. Dén ischten Pak vun dohém konnten mer gnädig halen, den Kuch wor nömme mei Grimmelen. D'Preisen hun sech ömmer dei beschten Sachen erausgeholl.

Ech hu missen mat an de Bösch Bém schleifen goen, um 10 Auer kruten mer dann eng Tomatenzop. An der Schol huet eng preisesch Leherin eis geléert mat Stré Suelen fit Zaldoten ze man. Meng Schwöster war émol dem Lagerführer am Gang am Wé, dun huet hin hat mat der Fauscht so an de Réck gerannt dat et bis op dé aner Seit geflunn as. Vill Led, sougueren ganz Familjen sin zu Leubus gestuerwen, kleng Kanner, so och eng Scholkomerodin vun mir. Et wor schrecklich



An der Ëmsiidlung zu Leubus, September 1942 - Februar 1943. Gruppobild vu Leubus: Iewescht Reih, vu rechts no lenks: dat eischt, Lydie Eyschen; dat zwet, Tex Marie-Josée; dat drett, Nelly Eyschen. Enescht Reih, dei mi kleng: dat Klengst, engt Meyris Médchen vu Bastenduerf; an der Mett, Brück Marianne voa Woltz



D'Madame an den Här
Robert Eyschen an
hierer Schlofbehausung



Zu Leubus, am Wanter
1942/43.
Uewen lenks,
d'Mme Eyschen-Hartz;
rechts, d'Nelly Eyschen;
ënnen, de Robert Eyschen

wei mer hat op sengem leschten Wé bis an d'Staedle begléit hun. Do hun ech fir d'escht dat wonnerschéint Lidd gehéiert: „Irgendwo an friemen Landen leit begruennen en aremt Kand.“

De éscht Wanz ass an enger Epruvette vun Zömmer zu Zömmer gewisen gen.

Den Lagerführer huet behapt mir hätten se vun dohem matbruecht.

Kén A ass dréchen bliwen wé den Här P. an der Mötternuechtmass „Minuit chrétien“ gesongen huet, begleit op der Gei vun engem Letzeburger.

Am Januar 1943 gof d'Lager plötzlich opgelest a mir an engem ongehöztten Zuch op Boberstéen brucht. Den Lagerführer dén so stolz op sein schént Schlesien wor huet eis geroden, ier mer missten schaffen goen, d'Gegend kucken ze goen. So hu mir d'Riesengebirge mat der Schneekop gud kennengeléert. Den Lagerführer hat keng Ahnung dat mir an der Schol franzesch géleert hun. Kom hien ant d'Schol sin d'franzeisch Bicher direkt am Pult verschwonnen an mir hun deitsch geblärt.

Well d'Jongen dé preisesch Leherin op den Balkon ausgespart haben, hu mir missen stonnelang am Rén am Haff stoen. Vum Pärdsbier dat fir dé verwonnt Zaldoten geduecht wor, hu mier dé beschten Kären selwer

giess, d'Döppchen mamm Rescht ass op dén Buedem geflun a mir sin iwer den Rescht getrëppelt. Mir hätten dat awer guer nôt express gemacht hu mir dem preiseschen Grédel versöchert.

Meng Mamm huet an der Kichen, mei Papp op der Fabrik an meng Schwöster um „Gréf“ (= Greifwerke) geschafft. Nodem hat d'Scharlach kritt hat, gof hat sechs Wochen zu Erdmansdorf isoléert, du ass hat vun der Fabrik freigestallt gin, hat kont nôt mei schreiwen.

All dé Zeit konnten mir hat nömmen bei der Föns-ter gesin. Andauernd woren Fäll vun Scharlach an Diphtherie; ech krut se nie, mé gof mat enger Angine am Schloss isoléert.

Mat 13 Joer kom ech op Hirschberg an en Stod, wo ech hu missen d'ganz Woch bleiwen. Ech wor „Mädchen für alles“; muerges d'Hausarbichten, möttes d'Kanner versuergt.

D'Madame hat dat 3 Kand erwart an huet missen ömmer leien. Den Kascht wor gudd, mé ech hun missen eleng an der Kichen iessen.

Ech hun vill gekrasch an verlangert. D'Madame huet den gefangenen Zaldoten bei eis am Haus alt hémlech Brot gin. Mir huet se hémlech en Steck Kuch



An der Ëmsiidlung,
zu Boberstein,
1943-1945.
D'Nelly Eyschen,
opp engem
Spazeiergang



D'Lydie Eyschen,
gebuer 4.9.1927,
spéider épouse Ketter

um Schaf verstoppt, well hir Schwéesch mat der Familien virun den Russen vun Breslau geflücht, ömmer sot, sie géf mir ze vill ze iessen gin.

All Dag hun ech missen hirt Médchen, weit ewech, öm den Owend, an de Lycée sichen goen. Hat wor nuets blann, so wé sei Papp, den och duefir net huet


brauchen an de Krich ze goen. Emol war hat nét mé do wé ech kom. Um 8 Auer owes huet d'Police hat hémbruecht, hat wost nét mé wo hat dru wor.

Mei Papp huet ömmer refuseiert lagerfrei zegin an och d'Offer vum Lagerführer, mech an de Lycée no Hirschberg ze schecken, vir nét erpressbar ze gin.

Tra ra die Post ist da

Sou gung et zou
wa Post
verdeilt ginn ass





*Mir hun an de Ställ
an aner Niewengebeier
gewunnt*

*Am Schloss
huet d'Lagerverwaltung
gewunnt*

D'Madame wollt mech ant Lager zreckschecken, well ech hir ömmer gesot hun, wat d'Preisen mat eis gemacht hun, wann sie mir erzielt huet, wé et hinnen bei de Russen ergang ass. Gott sei dank kont mei Papp dat verhönneren, wé Hien mech besichen kom. All Samschdeg sin ech an d'Lager zreck gangen a krut mein Kascht mat.

D'Russen kômen emmer mé no. Du sin keng Zich mei gefuer. Du stong ech émol op der Gare, mat mengem Iessdëppchen. Well ech net mei wollt zreck goen hun ech mech mudersélen élang, an Eis a Schné, op de Wé gemacht vir an d'Lager, 8 km weit. De Lagerführer wor eso bés dat mir, och meng Fröndinnen du rem am Lager woren. Hien huet eis gezwongen Dég lang, dreckeg a stöpseg Pärdsdecken aus dem Stall aus ze resselen. Bis zur Befreiong am Mé 1945 vun de Russen hun ech dun nach missen op d'Greifwerke schaffen goen. Opstoen um 5 Auer, zwémol am Dag den weiten Wé zu Foss an d'Fabrik, wo mer um halwersiewen ugefang hun mat schaffen. Falsch ze bitzen hu mer mat Fréd gemacht, dén aneren Dag hu mer nes alles missen nei machen. Den Zwier ass niewent dem Spilchen opgeweckelt an dann durch-

schnidden gin. Dat wor awer opgefall an ech hu missen vir Strof bei engem élektreschen Streckeisen durno dé ganzen Dag stoen vir Géeren mat enger Schablon ze strecken. Vir nach weider lés-tickéen ze kreien, hät ech a meng Frendin, dei bei den Lagerführer geruf gowen, missen den Hitlergross machen. Well mir refuseert hun, sin mir erausgeflunn, wat huet en gebrellt!

Vun do un sin ech schaffen gang, mat enger saurer Melasseschmier.

D'Schikanen am Lager gowen emer mei urg, Lagersperren, kén Pak mé oni Hitlergrouss. So lugen an engem Zemmer grot, verschimmelt Baurenbrod bis un de Plafond. Mei Papp hun se gezwongen mat villen aneren, och Fraen a Jongmédercher, an dem Ostwall, un der polnescher Grenz, Panzersperren gengt russech Panzeren mat der Pioche ze machen. D'SS wollten se an engem Stall önnerebrennen, wo d'Mescht nach dra log. Si hun dat awer refuseiert. Wé si fort gongen sot den Lagerführer: „Von dénen kommt keiner wieder“. Hien hat gehoft dat si missten geint d'Russen kämpfen. Et kom anescht. D'Preisen woren dé escht dé fortgelaf sin. D'Schanzerten hun sech du mei oder wéniger

zu Foss an d'Lager geschloen. Geschwächt a krank kom mei Papp eleng vun Hirschberg zu Foss mötten an der Nuecht am Lager un. Spéder hun si och nach missen zu Boberstéen Panzersperren man.

Mir sin fun de Russen befreit gin. Dén èn Lagerführer huet sein Caleçon am Bober gewäsch, den aneren fond dat et awer schlömm wär wann en so mat der Familien misst fortlafen.

Ir mer zreckkamen, woren mer nach 3 Wochen zu Liegnitz an Appartermenter wo d'Russen d'Preisen eraus geworf haten. Dat huet missen seier gang sin, d'lessen stong nach um Dösch. Well mir d'Geschirr nét wollten spulen, hu mer alles op d'Schöpp geholl ann an den Haf erof geworf.

Wat huet meng Mamm gekrasch we mei Papp huet mussen an ei Spidol goen fir Ärem a Bén ze begruewen, a meng Schwester an ech bei d'Russen vir ze botzen. Un engem grossen Dösch sotzen d'Russen ze iessen, an enger Hand eng réh Porette, an der ânerer schwarz Brot. Wat haten mir eng Angscht! Sie sin direkt fort gangen an hun eis nach gewiesen oni Torchon ze botzen. Meng Fröndin an ech hun durno missten dem russeschen Kommandant sein Apparterment botzen goen. Önnert all Bett an Eck hu mer gekuckt an woren wé den Blötz fär-dig mat botzen. All Fraen an Médercher hun sech emol missten enger komescher Önnersichung önnierzéhen.


Dén eischten Schreck heihém krut ech an der Aldren-gerschol, wé mir bewusst gin ass dat ech nés misst an d'Scholl goen, wo ech schons dohannen geschafft hat. Wat machen mir lo hei, hun ech meng Schwester gefrot. Am Lager hat en Fröndinnen ömmer so no.



*Dén Dâg vun der Befreiung
goûf ei Lëtzebuurger Fendel
opgehangen*

No zwé Joer ass mein Papp un de Folgen vun der Ömsiedlung gestuerwen.

Nelly Eyschen



*Dé leschten Dâg
zu Boberstein:
28. Mei 1945.
Vun hei gung et
iwer Leipzig op Liegnitz,
do nach 3 Wochen.
Dun opp Risa.
Do hun d'Amerikaner eis
an Zich gelueden
a via Belge gung et
opp Lëtzebuerg*